piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung, Héichschoul a Fuerschung, Bildung, Kanner a Jugend & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Op enger Informatiounsversammlung den 23te Mee 2016 am Tramschapp haten déi deemoleg Verantwortlech aus der fréierer Regierung souwéi der Stater Gemeng den Awunner um Lampertsbierg ee Konzept virgeluecht, fir d'Verkéierssituatioun um Lampertsbierg ze berouegen. D'Zil war et, fir bis 2027 manner schoulesch Aktivitéiten um Lampertsbierg ze hunn, fir domadder den Trafic ze berouegen. Schoul- an Unisgebaier sollten ëmgenotzt ginn, fir Wunnengen hei ze bauen. Et stellt een awer fest, dass haut am Joer 2025 awer nach ëmmer vill schoulesch Aktivitéiten am Quartier konzentréiert sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schüler waren 2016 an de Schoulen um Lampertsbierg ageschriwwen a wéi vill Plaze fir Studente waren um Campus Lampertsbierg?
   Wéi hunn sech dës Zuele bis 2025 entwéckelt?

2. Hält d'Regierung un der Zuel vu 6000 manner Schüler bis 2027 fest, wéi et op der Versammlung presentéiert gouf?
   Falls net, wat ass déi aktualiséiert Zuel?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi vill a wéi eng Terrainen um Lampertsbierg, déi duerch d'Plënnere vu Schoulen oder der Uni fräi gi sinn, goufe fir Wunnengsprojeten ëmstrukturéiert a wéi vill Wunnenge sinn hei entstanen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten